LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

INSTITUT NATIONAL
DES LANGUES
LUXEMBOURG

# SPROOCHENTEST LËTZEBUERGESCH

## Instruktiounen

Dir kritt elo **3** Enregistrementer ze lauschteren:

- Dir héiert fir d'éischt d'Nummer vum Exercice,
- da kritt Dir Zäit fir d'Froen ze liesen,
- dann héiert Dir d'Froen,
- duerno kënnt eng éischt Écoute vum Text, dann eng Paus fir op d'Froen ze äntweren,
- da kënnt eng zweet Écoute, an dann nach eng Kéier eng Paus fir Är Äntwerte fäerdeg ze schreiwen

Bei all Fro gëtt et:

**3** Äntwerten **A**, **B**, **C** oder **2** Äntwerten **A**, **B**

**!! Nëmmen 1 Äntwert ass richteg !!**

Fir all Fro musst Dir bei der richteger Äntwert d'Këschtche schwäerzen ( ■ ).

Um Schluss kritt Dir nach **3** Minutten Zäit fir Är Äntwerten op d'Äntwertblat z'iwwerdroen.
Duerno gitt Dir d'Äntwertblat an den Dossier mat de Froen of.

## **Exercice 1:** En Auszuch aus den Noriichte verstoen

Fro **1.** Wou ass dat Ongléck geschitt ?

- ☐ **A** tëschent zwou Uertschaften
- ☐ **B** an enger Gare
- ☐ **C** an enger Lokomotiv

Fro **2.** Wat ass geschitt ? Eng Heizung …

- ☐ **A** ass explodéiert.
- ☐ **B** huet gebrannt.
- ☐ **C** ass ze waarm ginn.

Fro **3.** D'Leit, déi an deem Moment op der Plaz waren, …

- ☐ **A** konnten erauslafen an Hëllef siche goen.
- ☐ **B** hunn iwwer Telefon Hëllef erbäigeruff.
- ☐ **C** hu probéiert, de Problem selwer ze léisen.

Fro **4.** De Mécanicien ass blesséiert ginn.

- ☐ **A** jo
- ☐ **B** neen

Fro **5.** De materielle Schued ass héich.

- ☐ **A** richteg
- ☐ **B** falsch
- ☐ **C** Mir wëssen et net.

## **Exercice 2:** E Gespréich verstoen

Fro **1.**

D' Madame Klein interesséiert sech fir eng Plaz als …

☐ **A** Stewardess bei enger Fluchgesellschaft.
☐ **B** Fotografin fir eng Reesgesellschaft.
☐ **C** Journalistin fir en Touristeguide.

Fro **2.**

D'Madame Klein huet op hirer aler Plaz gekënnegt.

☐ **A** jo
☐ **B** neen

Fro **3.**

D'Iwwerstonne ginn extra bezuelt.

☐ **A** jo
☐ **B** neen

Fro **4.**

Wat ass d'Resultat vum Gespréich ?

☐ **A** D'Firma telefonéiert der Madame Klein.
☐ **B** D'Madame Klein gëtt agestallt.
☐ **C** Si maachen en neie Rendez-vous fir d'nächst Woch of.

## **Exercice 3:** Méi e laangt Gespréich verstoen

Fro **1.** Wou sinn déi zwou Persounen ?

- ☐ **A** an engem Supermarché
- ☐ **B** an enger Brasserie
- ☐ **C** an der Péitrus

Fro **2.** D'Cliente schreiwen sech ëmmer nëmme fir een Iessen an.

- ☐ **A** richteg
- ☐ **B** falsch
- ☐ **C** Mir wëssen et net.

Fro **3.** Wouduerch ënnerscheet sech de Kach-Atelier vun engem Restaurant ?

- ☐ **A** D'Leit kache selwer.
- ☐ **B** D'Leit kache just, si iessen net.
- ☐ **C** Et ass méi bëlleg wéi am Restaurant.

Fro **4.** Wéi en Niveau hunn d'Leit, déi dohikommen ?

- ☐ **A** Et sinn Ufänger.
- ☐ **B** Et sinn Ufänger a Leit, déi scho kache kënnen.
- ☐ **C** D'Leit musse scho kache kënnen.

Fro **5.** Wat mécht den Här Moulin fir vill Clienten ze kréien ?

- ☐ **A** En huet Annoncen an der Zeitung gemaach.
- ☐ **B** E mécht Reklammen um Radio an op der Tëlee.
- ☐ **C** En hofft, dass zefridde Clienten him nei Leit schécken.

Fro **6.** Dëse Mount gëtt vill mat Kabes gekacht.

- ☐ **A** jo
- ☐ **B** neen

Fro **7.** Wat ass de Wonsch vun de Clienten, déi haut kommen ?

- ☐ **A** eng speziell Entrée
- ☐ **B** e speziellen Haaptplat
- ☐ **C** e speziellen Dessert